# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°383
MEE-JULI

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **58 /230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## FNEL RO/TB Quiz'23



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis! Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier




## d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**,
wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




# www.viking-adventures.de

## Simply present LBB-STAFF for 2022-2023:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)
FISCHER Manon (Tamia)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
ORELLANA Ruben (Reebou)
FLAMMANG Raphaël (Hawky)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)
RODESCH Jasmine (Matka)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)
FLAMMANG Adrien (Loup)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
PIRON Aleksis
DUARTE Lea
PEPIN Cédric
MAJERUS Ketty

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
PIRON Nicolas
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
HEINEN Nora (Quagga)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..............................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# LBB SCHAFF-WEEKEND



**UN ALL**

**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN**

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...


Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 13.-14.05.2023 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näischt vun Näischt kënnt :):):)
Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!

## WICHTEG INFOS:

Rendez-Vous: Den 13.Mee 2023 um ...8 Auer MAT Kaffi
..9 Auer OUNI Kaffi
Schluss: Den 14.Mee 2023 um 16 Auer.
Wou? Natiirlech am Home.

Waat brauchs du? Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...



**Unmelldung/Souche?**
Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: **cg@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech ______________________________ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 13.-14.Mee 2023 un & kommen Samstes op de Start:

◯ um **8 mat** Kaffi ◯ um **9 ouni** Kaffi (WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: __________________

# SORTIE | FIR BEAVER (BV)

**Léif Beaver,**

Är Cheffen hunn eng Entdeckung gemaach! Eng Enveloppe ass am Home ukomm, mee si wëssen net ob se vum Bibu ass oder net. Dofir brauchen si iech. Dir musst hinnen hëllefen eraus zefannen ob déi Enveloppe vum Bibu kennt oder net, an wann jo mussen ma onbedéngt erausfannen wou hien ass d´Scoutsjoer ass gläich eriwwer an mir hunn hien nach net fonnt.

Mell dech ganz schnell un, vir dass mir schnellst méiglech den Bibu erëm fannen!

**Wéini?**
Den 20 Mee 2023

**Rendez-vous:**
20.05.2023 um 14 Auer am Home vun den Les Lions Bleus
**Retour:**
20.05.2023 um 21 Auer am Home vun den Les Lions Bleus





**Präis:**
**10€** sinn ze iwwerweisen bis den 18.Mee 2023 op den Compte "Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun: Madagascar23 + Numm vum Participant.

**Souche:**
D´Souche ass oofzeginn bis spéitstens den 6.Mee 2023!

**Waat brauchs du?**
Ganz vill Motivatioun, dem Wieder ugepassten Kleeder, Bidon mat Waasser, een klengen Rucksaack, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Foulard, ...





Heimat erlaaben ech ........................................................................... méngem Beaver

...................................................................... deelzehuelen un der Sortie den 20.Mee 2023

an iwwerweisen d´Suen & ginn d´Souche pünktlech oof!




Ennerschreft .....................................................

# SORTIE | FIR TROUPE (SG)



**Hues du ni Loscht gehaat dëch weéi den Tarzan ze fillen?**
**Kruus awer ni d'Méiglechkeet dozou?**
**Wolls schon ëmmer wéi e Pilot d'Aerd vun uewen gesinn?**
**Awer du bass nët geübt am Kloteren?**
**Waat fir eng Chance hues du dann elo, dass grad elo mir eng Klotersortie maachen.**
**Mell dëch also elo un, dass de dës EEMOLEG Chance nët verpass!**



**Rendez-Vous:**
den 20.05.2023 um 10h00_Gare de Luxembourg
**Schluss:**
den 20.05.2023 um 17h00_Gare Bettembourg

**Waat brauch ech:**
dem Wieder ugepasste sportlech Kleeder, Foulard,
klenge Rucksaack mat:
gefëllte Bidon, Picknick, Sonnecrême, Kaap an vill Motivation :)

**Praiss:**
**25€** , sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den **29.Abrëll 2023,**
op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun: Klotersortie + Numm vum Scout

Heimat erlaben ech ............................................................................ méngem Scout

.................................................................................... op der KloterSortie den 20.Mee'23

vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschrëft: ........................................................................



# PËNGSCHT CAMP | FIR DE GRUPP (ab LX)

Wat wier wa mir d'Zäit zeréckdréine kéinten? Wat géife ma alles maache kënnen? Wat kéinte ma alles erliewen? Wéi wier et zum Beispill wa mir eng 800 Joer an d'Vergaangenheet zeréck reese géifen?

... Wëllkomm am Joer 1223!

D'Mëttelalter huet vill ze bidden. Vu Ritterturnéiere bis zu Buergen, vu néien Erfannunge bis zu der Entdeckung vu néie Länner, vu Kinneken a Kinniginnen, asw...
Fir Jiddereen ass eppes dobäi. Du muss onbedenkt dobäi si wa mir an dëst Fantastesch Era andauchen!
Dofir mëll dech séier un, sou dass de nach eng Platz an eiser Buerg kriss!





**RDV?** 27. Mee 2023
fir SG/EX_09h30 Gare Dommeldange
fir LX_14h00 beim Home LBB

**Retour?** 29. Mee 2023
fir Jiddereen_15h30 beim Home LBB

**Fir ween?** Fir Wëllefcher, Scouten an Explorer

**Präis?** **50 Euro** si bis den 20. Mee ob de Konto LU56 0019 4955 9099 1000 ze iwwerweisen mat der Mentioun: PC + Numm vum Kand.

**Umelldung?** Bis de 6. Mee 2023

**Material?** Schlofsaack & Carrymatt (nëmmen fir SC&EX), dem Wieder ugepasste Kleeder, Pyjama, Wäschsaachen, Buedduch, Wäschsaachen, Kaap, Sonnebrëll, Sonnecrème....

**Heimadder mëllen ech ........................................................ mäi Kand**

**............................................................ fir de Pëngschtcamp**

**vum 27.-29.Mee 2023 un.**



**Ënnerschrëft ...............................................**


Mell dech bis den 10. Abrëll un!!!
https://forms.gle/F7fHCbJaVt9kEKWf6
23. Abrëll 2023
10:30 - 17:30
ROVER
PRODUZENTENTOUR
Wou: Iergendwou am déiwen Norden, villäicht kriss de et jo erraden...
Depart (10:30) an Arrivée (17:30): Gare Ettelbréck
Präis: 7 Euro
Apaken: Däi Mëttegiessen, dem Wierder ugepasste Kleeder a wéi ëmmer vill gutt Laun!


ROVER
TEMBO
BEACHVOLLEYBALL
TOURNOI
11. JUNI
12:00-16:00
PRÄIS : 5€
LOCATION TO BE ANNOUNCED
MELL DENG EKIPP UN
(DÉLAI: 7. JUNI)


- BONNE COLONIE -
COMING SOON
- TEMBO HUNT IT 2023 -
18. - 20. AUGUST
Tembo Hunt It 2023
Wou et higeet ass nach geheim. Wéini et ass awer net! Vum 18. bis 20. August 2023.
Mir fuere mam öffentleche Transport an d'Ausland an e puer Stied. Duerch dës Stied muss du mat dengem Stamm ënnerhalb vun engem Dag verschidden Hürden, Challengen a Spiller iwwerstoen.
Zum Schluss kann och nëmmen ee Stamm gewannen an den ultimative Präis gewannen!
Mell dech also séier un :)


ROVER K-WEEKEND
25 - 27 August
Fetschenhaff
Start : 26. August 09:00
Schluss: 27. August 11:00
Präis: 30 Euro (Sa-So) / 35 Euro (Fr-So)
z'iwwerweisen op de Fnel Programme
Kont:
LU95 0030 0457 4525 6000
Friday Night Optioun
Looss de Weekend scho Freides starten a verbréng e relaxen Owend mat denge Frënn!
Hei umelle bis de 5. August




# FAAKEL-ZUCH 2023

Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons den 22.Juni um

## <u>20:00 Auer</u>

bei der Metzlerei Kaiffer op
77,Grand Rue L-1661 Lëtzebuerg




Waat brauch de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, den Tembo, d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**RICHTEG! eng TIP TOP Uniform,**
**also: donkelblo Box, Uniformshiem, Foulard**
**& evtl eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST:** Daat Ganzt huet och een Enn!
Deen ass do wou den Schluss vum Cortège ass > gèint 22:15 Auer.
> Wou genee soen mer lerch um RV...

**D'Souche** ass bis spéidstens **den 11/06/2023** bei déngem Chef **oofzeginn !!!**

**>>> Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden <<<**



Ech ..............................................................
ginn dëst Joër 2023 mat op de Faakelzuch,
an sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



..............................................................................
ElterenËnnerschréft

## LBB GRILL-STAND



# SORTIE | FIR BEAVER (BV)

!!! Opgepasst, Opgepasst !!!

Déi lescht Enveloppe vir dëst Scoutsjoer vum Bibu ass ukomm!
Wann dir rausfannen wëllt an mat eis ob Entdeckungs Tour wëllt goen fir den Bibu ze fannen, dann mell dech elo.

Den Bibu kann nët méi wait fort sinn!



**Wéini?**
Den 24.Juni 2023

**Rendez-vous :**
24.06.2023 um 10h00 op der Gare Centrale.
**Retour :**
24.06.2023 um 17h00 um Glacis.

**Präiss:**
**5€** sinn ze iwwerweisen bis den 10.Juni 2023 op den Compte "Les Lions Bleus-Beaver"
(BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun: Oofschloss Sortie23 + Numm vum Participant.

**Souche:**
D´Souche ass oofzeginn bis spéitstens den 17.Juni 2023!

**Waat brauchs du?**
Dem Wieder ugepassten Kleeder, Bidon mat Waasser, eng Kaap, een klengen Rucksaack, Foulard, …



Heimat erlaaben ech ..........................................................................................

méngem Beaver ............................................................................... deel ze huelen un der Sortie den 24. Juni 2023, an iwwerweisen d´Suen & ginn d´Souche pünktlech oof!



Ënnerschrëft ....................................................................................................

# Léiwefest 2023: Scoutismus Eltereneditioun







**Wéini?**

Fir Kanner: 1.Juli 2023 um 16h00
Fir Famill a Frënn: 1.Juli 2023 um 18h30

**Menu?**

Entrée: Casse croute à la Lions Bleus
Plat: Tri de pâtes Scoutseditioun
Dessert: Kaalen Hond*

*Nierft dem normalen Dessert kënnt dir och eng Scoutsspezialitéit "Schokonana" kréien. (Banann, déi obgeschnidde gëtt, mat Schokolat gefëllt gët an duerno an d'Feier geluecht gët) Fir den richtegen Scoutsfeeling ze kréien, kriss du vun eis gewise wéi et geet, mee mëss déng Schokonana selwer um Feier! Einfach ënnen ukräizen wéivill dir der huelen wëllt.

**Präis an Umëlldung?**

**25 Euro** pro Persoun >>> bis den 25.Juni'23
op: Les Lions Bleus Rover (LU83 0019 4955 9103 3000)
mat der Mentioun: LF23 + Familienumm

Heimat mëllen ech gär ……………………..……..………………… main BV/LX/SC/EX/RO/TB

……………………………………………..………………… fir d'Léiwefest den 1.Juli 2023 un.

Mir wärten zu …… + …… (Kanner + Famill/Frënn) um Léiwefest23 deelhuelen an huelen:

…… x Normale Menu (25€ fir Apéro/Entrée/Haaptplaat/Dessert)

…… x Veggi Menu (25€ fir Apéro/Entrée/Haaptplaat/Dessert)

Optional: …… x Schokonana (Banane mat Schokolat iwwert dem Feier)

Iergend eng Allergie? ……………………………………….

Ënnerschrëft: ………………………………………………….

fnel scouts & guides

100 FNEL POW WOW MISÄRSHAFF 2023

**Dëst Joer feieren mir zesummen mat der FNEL an deenen aaneren Scoutsgruppen uechtert Land den 100. Pow-Wow!**

**Du hues richteg héieren, 100 Joer! Fir dëse grousse Jubiläum ze feieren, luet FNEL iech alleguerten ob de Misärshaff an. Sief mat dobäi, beim Gréissten an onvergiesslechstes Pow-Wow, wou's du jeemools si wäerts.**

**Wèini & Wou?**
08.-09.Juli 2023 um Misärshaff

**Départ?**


| | | |
|---|---|---|
| SG/EX: | Samstes_08.07.23 | > Genee Auerzait & Wou? kritt der nach matgedeelt. |
| BV/LX/RO/TB: | Sonndes_09.07.23 | > Genee Auerzait & Wou? kritt der nach matgedeelt. |

**Retour?**


| | | |
|---|---|---|
| Fir Jiddereen: | Sonndes_09.07.23 | > Genee Auerzait & Wou? kritt der nach matgedeelt. |

**Material SG/EX:**
Uniform fir um RV, grousse Rucksaack deen beim Trajet gedroen gët mat: Carrymat, Schloofsaack, Pyjama, Ersatzkleeder, Gamelle/Besteck/Kichenduch, **PicNic fir SA Mëttes**, geféllte Bidon, Wäschsaachen, Täschemesser, Täscheluucht, ...
**Material BV/LX/RO/TB:**
Uniform fir um RV, klengen Rucksaack, **PicNic fir SO Mëttes**, geféllte Bidon, Kaap, Sonnencrême, dem Wieder ugepassten Kleeder, ...

**Umeldung:** bis spéitstens den 10.06.2023 per Souche & Iwwerweisung.
**Praiss:** **25€** fir de Weekend (**SG/EX/CH)** & **10€** fir d'Sortie (**BV/LX/RO/TB)**
op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)
ze iwwerweisen, mat der Mentioun: POW-WOW'23 + Numm vum Participant



Och dës Joër kritt Jiddereen nees d'Méiglechkeet, iwwer den online Fnels-Shop en
**T-Shirt / Badge** vum Pow Wow kënnen ze bestellen.
Weider Informatiounen heizou > kommen demnächst no!
Dono kritt der är Bestellungen nees vun ären Cheffen virum Pow-Wow ausgedeelt.



100 FNEL POW WOW MISÄRSHAFF 2023

Ech …………………...………………………………. erlaaben mèngem

Scout/Explorer ............................................... den 08.-09.07.23 oder mèngem

Beaver/Wëllefchen/Rover/Tembo ………….................................… den 09.07.23

um **POW-WOW 2023** vun der FNEL deelzehuelen.

………………………………………

Ënnerschrëft vun den Elteren

# Summercamp an der Wallonie

## 19.07.2023 bis de 27.09.2023





Endlech ass et nees esouwäit, een LBB Summercamp fir all Scout, Explorer, Rover a natierlech Tembo fënnt statt! Dëst Joer gi mir zesummen op eng immens Campplatz an der Wallonie, Belsch. Wou mir zesummen onvergiesslech 9 Deeg verbrénge wäerte mat de bekanntste Charakteren aus Belsche Bandes Dessinées! Wanns du dëst onvergiesslech Méiglechkeet net verpasse wëllst, da mell dech ratz fatz UN!













**Départ & Retour:**

Mëttwoch de 19.07.2023 um +-8h30 op der Place de la Gare
Donneschten de 27.07.2023 um +-18h op der Place de la Gare

**Wien dierf mat?:**

Jiddereen ab dem Scoutsalter. Also SC/EX/RO/TB.

**Präiss: → 450 €**

Ze Bezuelen an 3 Acompten:
1. Acompte (**non-remboursable**) → 200 € bis den **01.03.2023**
2. Acompte → 150 € bis den **15.04.2023**
3. Acompte → 100 € bis den **01.06.2023**

Op den LX Konto: Les Lions Bleus ASBL Wëllefcher – LU56 0019 4955 9099 1000 matt der Mentioun: Summercamp 2023 (xx Acompte) + Numm vum Kand

**SuWa 2023 Dossier:**

All Participant kritt een perseinlechen Dossier fir mat dësen DOKUMENTER ZE FELLEN:
1. Autorisation parentale
2. Copy carte d'identité vum Participant
3. Carte de vaccination (FSME Impfung Optionnal)
4. Air Rescue (Optionnal)

**Obligatoresch Elterenversammlung :**

Jiddereen deen Ugemëllt ass, soll den **22.04.2023** um 16.30 (no der normaler Versammlung) op eis Elterenversammlung present sinn fir wichteg Informatiounen ze kreien.

**Umëlldung oder sos Froen?**

Ob SUWA.LBB.2023@gmail.com matt Numm, Branche an Tshirt gréisst (Yess, dir kritt och ee Camp-Tshirt vun eis ;)).

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 06.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 09.05.2023 | | FNEL BV FunDay |
| 13.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 20.05.2023 | | SORTIE |
| 27.05.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 03.06.2023 | 14:00 - 16:00 | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 17.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 22.06.2023 | | LBB GRILL |
| 24.06.2023 | | SORTIE |
| 01.07.2023 | | LÉIWEFEST |
| 09.07.2023 | | FNEL POW-WOW um Misärshaff |
| 15.07.-14.09.2023 | | SUMMER-VAKANZ |
| 16.09.2023 | 14:00 - 17:00 | GRUPPEN VERSAMMLUNG |
| 23.09.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 30.09.-01.10.2023 | | MONTEE |
| 07.10.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 06.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 13.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 20.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 27.-30.05.2023 | | PËNGSCHT CAMP |
| 03.06.2023 | 14:00 - 16:00 | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 17.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 22.06.2023 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 24.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 01.07.2023 | | LÉIWEFEST |
| 09.07.2023 | | FNEL POW-WOW um Misärshaff |
| 15.07.-14.09.2023 | | SUMMER-VAKANZ |
| 16.09.2023 | 14:00 - 17:00 | GRUPPEN VERSAMMLUNG |
| 23.09.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 30.09.-01.10.2023 | | MONTEE |
| 07.10.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 14.10.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 06.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Troupenversammlung |
| 06.-07.05.2023 | | FNEL CP-SP Weekend |
| 13.05.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 20.05.2023 | | SORTIE |
| 27.-30.05.2023 | | PËNGSCHT CAMP |
| 03.06.2023 | 14:00 - 16:00 | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.06.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 17.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Troupenversammlung |
| 22.06.2023 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 24.06.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 01.07.2023 | | LÉIWEFEST |
| 08.-09.07.2023 | | FNEL POW-WOW um Misärshaff |
| 19.-29.07.2023 | | SuWa (Summercamp Wallonie) |
| 15.07.-14.09.2023 | | SUMMER-VAKANZ |
| 16.09.2023 | 14:00 - 17:00 | GRUPPEN VERSAMMLUNG |
| 23.09.2023 | 14:00 - 16:00 | Troupenversammlung |
| 30.09.-01.10.2023 | | MONTEE |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 06.-07.05.2023 | | FNEL EX Raid |
| 13.-14.05.2023 | | LBB SchaffWeekend ab EX |
| 20.05.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 27.-30.05.2023 | | PËNGSCHT CAMP |
| 03.06.2023 | 14:00 - 16:00 | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.06.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 11.06.2023 | | FNEL RO/TB BeachVolley Tournoi |
| 17.06.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 24.06.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 01.07.2023 | | LÉIWEFEST |
| 08.-09.07.2023 | | FNEL POW-WOW um Misärshaff |
| 19.-29.07.2023 | | SuWa (Summercamp Wallonie) |
| 18.-20.08.2023 | | FNEL TB Hunt'it |
| 26.-27.08.2023 | | FNEL RO Weekend |
| 15.07.-14.09.2023 | | SUMMER-VAKANZ |
| 16.09.2023 | 14:00 - 17:00 | GRUPPEN VERSAMMLUNG |
| 23.09.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |











**FuesParty** BV LX 4. Februar‘23

D‘Fuesboken waren lass !

No e puer Kenneleierspiller, sech d‘Beaver an d‘Wellef konn kenneléieren. An dunn konnt d och d‘Fuesparty selwer lassgoer gouf vill gelaacht, gegec gesongen an gedanzt.

Um 17:00 si mer all gutt midd heemgaangen.















# RAPPORT Techuana| GRUPP (ab EX)

Freides, den 10. Februar hunn mir eis um 18:30 Auer beim LBB Home getraff. Zu eiser Techuana  2023 hunn d'Tamia, d'Paco, de Grizzly, de Lynx, d'Jasmine, d'Alex, d'Amélie, d'Manon, d'Kiara an natierlech d'Yuma an d'Inaja gehéiert. Jiddereen huet schonn säin Gepäck als och seng Ski- respektiv Snowboardsaachen matgeholl. Den Owend hunn mir dann den Mini-Bus gelueden, mir hunn schonn den Picknick an och d'Kaffismëtschen fir den nächsten Dag preparéiert. Dono hunn mir nach owes Pizza giess an hunn e bësschen den nächsten Dag beschwat. Dunn sinn mir och schonn schlofen gaangen, wëll mir den nächsten Dag frei opstoen missten.

Samschdes moies sinn mir dann, nodeems d'Cheffen nach Kaffi gedronk hunn, mam Mini Bus an Richtung Techuana gefuer. Um ongeféier 9 Auer hunn mir dann op enger Raststätte eisen Croissant an eis Schockolas- rull giess. No dëser klenger Paus ass et dann awer rëm direkt an ouni vill Ëmweeër weidergaangen. Géint 12:30 Auer hunn mir dann Mëttespaus um Chiemsee gemaach. Mir haten eng gutt Vue op den Séi beim Iessen vun eisen Schmieren. Sou 13:30 Auer sinn mir dann weidergefuer. Um 21:15 Auer sinn mir dann endlech um Site ukomm. Do missten mir als eicht mol d'Feier am Home, wëll um Site gëtt et weder Heizungen nach fléissend Waasser an och nëmmen an e puer Raim Luucht. Zum Gléck louch och vill Schnéi mee dowéinst missten mir als eicht mol d'Weeër fräischëppen. Vun enger Baach respektiv Quell, déi direkt niewent dem Home leeft, hunn mir dann Waasserskanisteren opgefëllt, soudass mir dono wéinstens kachen konnten. Als dat alles fäerdeg war hunn mir nach zesummen Spaghetti Bolognese giess an sinn dann spéider och iergendwann an d'Bett gaangen.

Den Sonndeg ass et dann nom Kaffidrénken an enger Partie Jenga, wou déi déi verluer hunn spullen missten, direkt mat den Chargen lass gaangen. Déi eng Equippe huet en Schlauch vun der Quell bis erof an d'Kichen geluecht, sou dass mir dann déi ganzen Zäit fléissend Waasser haten. Déi aner Equippe misst en Wee bis bei en Holzschapp fräischëppen an hunn dann Holz gesp-léckt an erop an d'Home bruecht. Domat waren mir dann den ganzen Moien an Mëtten amgaangen. No den Kniddelen, dem Spullen an dem Opfëllen vun den Eemeren fir d'Toilettenspull sinn mir bei e Séi gefuer. De Séi war komplett agefruer an sou haten mir dann vill Spaass zesummen um Eis. Owes sinn mir nach fir 2 Stonnen an eng Therme gaangen an hunn Zopp giess an dann war den Dag och schon erëm.

**KIARA**

Méindes den 13.02.2023
Nodeems ma schonn am firdach Owes alles an den Bus gepackt hunn konnten mir ebessen Méi relax moies opstoen, trotzallem awer um 07:30 fir dann een Carré baussen ze machen. Tamia soot eis wie déi Deeg virdrun den Dagesoflaf ehe ma dann Zesummen an den Salon gaangen sinn fir dann gemeinsam ze frühstücken. Nom frühstück ass et dann und spullen gaangen ehe ma eis dann ob den Wee gemaach hunn fir ob Turracher Höhe.
Nodeems ma dann eng Stonn ënnerwee waren waren mir all zimmlech glécklech déi eicht Skipisten ze gesinn. Séier























hunn ma eis schoung ugedoen an Skier an den Grab, an dann ab ob den Lift. Den ganzen fiermetten sinn mer sämtlech Pisten rofgejodelt, natierlech sinn ma och ab und zu gefall, siff et am fueren oder och am stoen. Zur Mëttesstonn gouf et dann eisen Picknick beim Minibus wou ma sämtlechen Saachen zur auswahl hätten. An natierlech dierf keen Dessert feelen. An nom Iessen sinn ma dann rem ob Pisten gejauwt an hunn se onsecher gemach. Ganz Midd awer zefridden sinn mir dann vun den Pisten komm an waren erlechtert déi Skischung an Snowboard schung auszedoen. Dann ass et ab an den Bus gangen an eng Stonn rem zereck gefuer. Mir hunn den Bus ausgelueden an sinn ons anescht undoen gaangen wärend eis Kachequippe ( Paco, Inaya and Yuma) schonn fläisseg ons Owes iessen um preparéieren waren. Mer hunn hinnen dann gehollef an dann gouf et gudd ze iessen. Mat engem vollen Mo hunn ma dann gespullt an dann als dat gemaach war hunn ma vill geschnësst an eis wonnerbaren Spillowend gemaach, natierlech däerf do eisen Fësch net feelen. Midd wie mir dass waren ass et dann an Bett gaangen an dormadder geet den éischten Skidach schonn ferdesch.

Denstes den 14.02.2023

Dat éischt wat mir den Dach héieren hunn war Happy Birsthday fir Kiara. An dann war Moies den gläichen Oflaf wie den dach virdrun. Saachen packen, Picknick packe, Frühstücken an ab ob den Katschi. Dëst Joer Hatten ma méi Gléck wie lëscht Joer an den Katschi war ganz ob dat heescht mer konnten gutt profitéieren. Als alleréischt sinn ma dann déi 6km laang A1 erofgefuer ehe ma dei änner Pisten erkundet haten. Beim wieder war sech net ze bekloen, war gutt schnuckeleg waarm. Dann mëttes sinn ma rem bei den Minibus gaangen an hunn zu Metten gees. Dëst Kéier dann als Dessert gouf et Geburstachskuch den eis Amelie gemaach huet fir Kiara. No dem ma gutt gestäerkt waren ass et dann wieder gangen an mir sinn wieder ob den Pisten gesaust. Als Pisten zou gemaach hunn sinn mir dann bei eisen Bus gaangen an hunn eis ob den Wee ob Villach gemaach fir eis eng gutt waarm Therme ze gënnen an ze entspanen an natierlech vun den Rutschen ze profitéieren wie awer och vun der Sauna. Als mir dann heemkoumen hunn Grizzly , Inaya and Yuma eis empfangen an mer hunn eis Owesiessen opgesat wat den Virdaach preparéiert ginn ass. Dat hunn mir eis dann schmaachen gelooss ehe et dann zu den Chargen koum. Och den Owend no den Chargen haten ma een flotten Spillowend an hunn fill gequaselt an gelach ehe et dann an Bett gaangen ass.

**Jasmine**

Mëttwochs, den 15. hu sinn mir ewéi all Daach géingt 8 Auer opgestaan an hun Kaffi gedronk. Fir d'Kiara gouf et dann och deen zweeten Gebuertsdagskuch. Duerno hu mir eis prett fir op d'Piste gemaach a si lass op Nassfeld gefuer. Zu Nassfeld hu mir d'Figur mam Tamia a mam Kiara probéiert ze verbesseren. D'Tamia misst sech dofir mat sengem Snowboard op de Bauch leeën. Dann huet et sech tëschent dem Kiara seng Been geluecht. Wenn et dann seng Been ugewénkelt huet, konnt d'Kiara sech op d'Snowboard setzen an sie konnte probéieren lass ze fueren.

# RAPPORT Techuana| GRUPP (ab EX)

Zu Nassfeld wor et wonner-schéin an mir sinn zum Schluss och erop gefuer wou offiziell d'Grenz vun Éisträich an Italien ass. No engem weideren Gruppeselfie ass et och scho rëm erof gaangen. No dem erfollegräichen Skidach hu mir och nach Saachen fir eis Kéisfondue den Dach duerno akaaf. Owes sinn mir dann nach eise Chargen nogaangen an hunn den Dach mat Spiller auskléngen gelooss.

Den Donnesten ass et dann erem op d'Piste gaang. Dëst Keier wore mir am Goldeck. Dëst Skigebiet ass relativ kleng gewiercht. Et war e bessi schued, dass dei garenteiert Talabfahrt zou wor (Insider Witz) an mir dowengst mat der Gondel relativ frei erem eroof fueren missten. Daat wor awer och e firdeel well mir dann mei frei an d'Schwemm konnten. Um Wee fir zereck bei den Chalet haate mir dann nach e klenge Choc well mir den Grizzly mam Hausschlessel verluer haaten. Et ass awer alles gudd ausgaang an mir konnten eis Fonue geneissen. No e puer interessante a leschtegen Gespreicher ass et erem and Bett gaangen.

Den läschten Skidaach an domadder och deen läschten richtegen Daach zu Techuana ass ugebrach. Den Freiden sinn mir op d'Gerlizen gefuer an hun do, anstatt engem Picknick ewei soss, am Pacheiner zu Mëtteg gies. Och fir den läschten Daach haaten mir wonnerscheint Wieder an perfekt Pisten. Zum Oof-schloss sin mir um 4 Auer nach op eng Hütte eppes drenken bzw. en Kaiserschmarrn, en Apfelstrudel oder en Germknödel iesse gaang. Dun si mir och schon eis allerläscht Piste erof gefuer. Freidesowes gouf och nach akaaf fir den Dach duerno an noom Owendiessen ass et dann schnell an d'Bett gaang well et Samstes frei aus den Fiederen geet.

**AMÉLIE**

E Samsten misste mer rëm um 5 Auer opstoen fir Heem ze fueren. Mir hunn dann nach dei lescht Saachen agepaakt a mir waren dann och schon um Réckwee. Eisen eischte Stopp hu mer beim Chiemséi gemaach, wou mer Kaffi gedronk hunn. No ongeféier 12 Stonnen si mer dann endlech ukomm. Mir hunn dann direkt ugefaangen alles ze raumen, ze spullen an de Mini Bus ze botzen. Mir hunn dann ziesse bestallt a Gesellschaftsspiller gespillt.

De Sonnden hu mer dann dei rechtlech Saache geraumt a gebotzt an dann sinn eis Elteren eis och schon ofhuele komm an de Camp war leider eriwwer.

**MANON**
















# RAPPORT FilmWeekend| TROUPE (SG)

**FilmCamp**



Mir hunn Scoutscamp gemaach dee ganz cool war, mir hunn eis all gutt amuséiert, mir hunn en Trajet. Fir d'éischt d'Rees ze maachen, hu mir den ëffentlechen Transport geholl an duerno meeschtens zu Fouss. Wéi mir ukomm sinn war et schonn +/- 18:30 Auer also mir hunn alles schonn bereet gemaach fir and Bett an dono leck ze iessen. D'Jongen haten eng Schlofkummeren an d'Meedercher och. Dunn si mer iesse gaangen a mir hunn de ganze Camp vegetaresch a glutefräi giess. Owes hu mer missen eng Scetche maachen do war eng Kéier een op der grénger Reitkapp an deen anere war e ganz witzege Pub an et waren déi déi gewonnen hunn an nodeems mer e Loup Garou gemaach hunn an et ass ganz witzeg.

Den nächsten Dag hu mir gespillt an vill opgeraumt a gebotzt an um 16h00 hu mir eng Foto vun der Struktur gemaach. An nach e puer Spiller maachen an zum Schluss hu mir de Bus geholl fir op d'Gare ze goen.

**Lucie**

# RAPPORT FNEL Quiz| fir ROVER/TEMBO








Um 18:30 hunn sech eis 2 Equippen zu Schuller bei den Orgganisatoren an zwar woren daat dës Joer ‚Dippecher Dachsen' getraff. Thema vum Roverquiz wor Casino Owend. Fir deen Ulaaß hun eis blo Léiwen sech dann och ganz schick ugedoen! Sie sinn am Paltong an a schéine Kleeder komm. Den Clou hannendrun wor awer, dass all Member eng Mask dobäi haat, ganz an der Thematik: "Mir rauben den Casino aus!"
Di aaner Gruppen haaten och all ganz originell an flott Verkleedungen. Um 19h ass den Quiz dann schliisslech lass gaangen. An 4 schwieregen Quizronnen mat villen Schätzfroen, an an verschiddene Spiller wie z.B. Black Jack hunn sech eis 2 Ekippen missten behaapten. Zweschent den Ronnen sinn dann ëmmer Verstäerkungen komm. Et gouf Guacamole mat Chilli con carne, Foccacia, Broutstangen, Dips fir dobäi an Chipsen. Als Dessert gouf et dann virun der Siegerverkündung nach Brownie.
Zum Schluss ass et dann mega knapp ginn, mais eng vun eisen Ekippen konnt dann awer vun ganzen 18 Gruppen op d'Plaatz 1 kommen!
D'Blo Léiwen hunn et rëm gepackt an hun de Pokal rëm op Bouneweg bruecht! Ganz zefridden an houfreg hunn sech eis Ekippen dann rëm lues op de Wee gema fir des Victoire gutt ze feieren.
Nach eng Kéier een grousse Merci un d'Dippecher Dachsen, dass se dësen onvergiesslechen Owend organiséiert hunn!
**Raphael**



# RAPPORT FNEL Explo| TROUPE (SG)



Rapport Explo vum 18.03.-19.03.2023

Mir si Moies fréi vun der Staat aus fortgaangen, fir eise Chef ze fannen an de Bus ze huelen, fir op de Startpunkt ze kommen. Vun do aus hu mir en Trajet bis op d'Campplaatz gemaach. Op dem Trajet misste mer Aufgabe maachen, mee d'Cheffen haten " alles vergies ", also misste mer hinner erklären, wei een z.B. eng Kaart liest. Wou mir op der Campplaatz ukomm sunn, hu mir als éischt d'Zelter opgeriicht an duerno Zaussissen giess. Mir hunn den Owend eng Talent Show gemaach. Eise Grupp huet eng Limbo Show gemaach, wou mir Leit aus dem Publikum geholl hunn. Mir hun ee Chef, d'Soraya an zwee anerer gewielt. D'Mia an d'Sophie hunn eng Biicht ugehalen an dat war d'Limbostaang. Mir sinn dunn all ganz midd an d'Zelter schlofe gaangen.
Den Dag drop, hu mir de Kaffi vierbereed. Mir hu moies vill kleng Spiller gemaach, zum Beispill Molequille, Petanque oder Fussball. Dunn hu mir Spaghetti Bolognese giess. Am Nomëtteg hu mir e Spill gespillt, wou et Froen goufen an dei hu misse léisen. Al Scouten dei mir net kannt hunn, hunn eis souguer Glasse gespend. Wou mir op de Bus gewaart hunn, hu mir een elefnt gespillt a sinn dann mam Bus a mam Tram zréck bei d'Rout Bréck gefuer.

Lucie Lagadec.














# RAPPORT Ouschtercamp| MEUTE (LX)

Samstes, den 1. Abréll ass et et endlech erem esou weit gewiecht. Et ass erem lass gaang op de Camp, den Ouschtercamp. Nodems mir eis Moies op der Gare zu Lëtzebuerg getraff hunn, ass et mam Zuch bis op Diddeleng gaang. D'Wickie dat mir ennerwee getraff hunn, huet eis nämlech gesot, dat hat eis Hëllef brauch fir sein Papp erem ze fannen, doweinst sollten mir mat an sein Duerf goen fir richteg Wickinger ze ginn. Wéi mir bis unkomm sinn an eis erem gestärkt hunn, hunn mir ungefaang Schwerter ze bastelen an konnten dann och Ouschteréer am ganzen Home sichen. Dono ass et nach raus gaang, fir een puer Spiller an een Parkour, bei dem jidereen seng Fähegkeeten enner Beweis stellen konnt. Owes hunn mir dann selwer Geméis geschnidden fir als Entrée mat Dipp z'iessen. No dem Iessen sinn mir dann nach eng kéier fir en flott Nuetsspill erausgaang.


Den zweeten Dag huet direkt mat Frühsport ungefaang, well als Wickinger soll een emmer fit sinn. Wéi mir eis dann mat engem Moiesiessen gestärkt hunn, sinn zwou Gruppen gemach ginn, fir Sketcher fir den Owend firzebreeden. Do sollt nämlech eng flott Veillée stattfannen, wou all Grupp dann sein Sketch firdroen kann. Wéi alles préparéiert war, gouf et een schnellt Mëttegiessen, well mir missten eis op den Wee machen fir eisen Ausfluch. Mam Bus ass et op Esch gaang fir do den Escher Déirepark ze besichen. Et gouf vill ze gesinn an munch een Déier huet sech sougur heemelen geloos. Vun Geesen iwwer Wäschbieren an Mufflon'en war alles dobei. Et war wirklech flott an dofir hunn mir dann wéi mir zereck am Home waren schon mol déi bescht Abenteuer vum Camp an Form vun Biller an klengen Texter festgehaalen. No engem leckeren Owesiessen ass sech dann och schon prett gemach ginn fir d'Veillée, well esou een Sketch brauch och seng richteg Verkleedung an Requisiten. Et war een gemittlechen Owend, den dann nach mat gemeinsamen Spiller oofgeronnt ginn ass.

Elo war dann och schon eisen leschten Dag um Camp an am Home vun den Grengen Scouten ungebrach. Eng leschten kéier Frühsport an Moiesiessen an dann misst och schon den Rucksack gepaak ginn. Mee mir haaten jo am amfong nach eng Aufgab ze léisen, d'Wickie haat sein Papp jo nach emmer net erem fonnt an mir haaten eis schon gudd préparéiert fir him tatkräfteg zur Seit ze stoen bei der Sich. Dofir ass et nach eng kéier raus an den Bësch gaang, wou mir schlussendlech no laangem Sichen sein Papp och fonnt hunn an d'Famill erem vereint war. Elo konnten mir all zesummen op d'Campplatz zereck trëppelen an eis zesummen um Féier Stockbrout an Packalu schmaachen loossen. Oofgeschloss gouf de Camp dann mat en puer Spiller an der Sonn, enner anerem och Wickingerschach. Geint 16 Auer missten mir eis dann och schon leider erem op den Wee bei d'Gare machen fir mat Zeiten erem an der Staadt ze sinn. Do sinn mir dann gudd knaschteg an awer och ganz frou no enger Chaîne des Adieux heem gaang. **Ikki**

















Wikinger
Park








Tierepark
Nachtspiel







**Explorerbrevet 2023 (1-4.04.2023)**

Den 1. Dag hu mir eis zu Eeschweiler bei der Kierch getraff. Do goufe mir a 4 Patrullen agedeelt. D'Amélie an ech waren an der Patrull gréng mat 6 anere Jonge vun de Wieselen, Munnerefer Mais a Kiewerlecken. D'Kiara an d'Nora waren an der Patrull gro. Do goufe mir dann op en Trajet mat der Kaart geschéckt. D'Patrull gréng gouf als zweet lassgeschéckt, mee mir hunn scho virun dem 1. an eenzege Posten déi éischt Patrull iwwerholl. Mir sinn dann och als éischt op der Campplatz am Bësch zu Wolz ukomm an hunn direkt ugefaangen d'Holz ze stapelen an eise Biwouak opzeriichten. Während dem Trajet ass d'Nora dann och natierlech eng kéier gefall, mee dat wonnert natierlech keen. Déi aner Patrulle sinn dann noeneen ukomm. Wou all déi aner Patrullen dann do waren, hunn d'Amélie an ech d'Feier ugemaach, dat déi 4 Deeg iwwer gebrannt huet. All d'Patrullen hunn dann nach sou schnell wéi méiglech alles opgeriicht. D'Patrull gro ass als lescht ukomm an kruten dowéinst keng gutt Platz méi a missten och eng kéier alles erëm ofriichten, fir op eng aner Platz ze goen. Mir hunn dann all eis Saachen era gemaach an eis fir d'Platzen an der Mëtt gestridden. Wou mir all eis Platzen haten, hu mir ganz schnell gemierkt, dass et richteg kal wäert ginn. Iergendwann ware mir dann och all ferdesch a mir hu Racklette an engem Brout giess. Do hu mir eis bëssi kennegeléiert a mir hunn decidéiert, an der Nuecht e Roulement ze maachen, fir dass d'Feier Moies nach brennt. Iergendwann konnte mer och no engem laangen Dag schlofe goen.





2.Dag
No der éischter verreenter Nuecht stoungen mer all um 8:00 prett am Carré. No eisem ustrengenden Frühsport, hu mer ugefaangenen mat kachen. Pain perdu um Feier war eisen Frühstück. Am Ufank waren mer an den Patrullen, mee dono huet jiddereen eng Hand mat un gepackt. Wärend dem Frühstück hu mer schonn d´Gromperen fir e Gromperenpurée opgesat. Nom Iessen hu mer direkt ugefaangen d´Fleesch opzespiissen fir de Kebab um Feier ze broden. Nodeems dat alles gutt gebrutschelt huet,hunn mer Schicht fir Schicht Fleesch erofgeschnidden an eist Feier gouf ëmmer méi grouss. D`Iessen huet gutt geschmaacht mat Gromperenpurée a gekachten Muerten (wou mer nach fir 3 Deeg iwwereg haten) Nom Spullen hu mer an de Patrullen eenzel Aktivitéiten gemaach, wéi z.B. de Kloterpark oder wou mer d´Ausrëschtung erkläert kruten. Dono hunn d´Patrullen e Naturbiwak gebaut. Den Test ob de Biwak dicht war, gouf gemaach, andeems d´Cheffen d´Waasser driwwer geschott hunn.Ass een ënnert dem Biwak naass gi?? JO Verschidden Biwaken waren ondicht, trotz deem villen Mooss. Gläich war schonn erëm Zäit fir ze kachen. Dest de Kéier gouf et Flammlachs. Erreicht wou d´Feier schéin grouss war, hu mer den Filet Saumon un d´Holzplack geneelt an bei d´Feier gestallt. D´Manon an ech (Nora) hun eis un d´gebroden Gromperen getraut. Net all Saumon huet et iwwerlieft. Deen huet gutt geschmaacht,mat de gebrodenen Gromperen an den gudden Muerten. Wou et schonn Diechter war hu nach zwou damen eis iwwert den Projet Auris erkläert. Matt enger Partie Loup Garou hu mer den Owend flott ausklëngen gelooss.







Daach Nr. 3
Den 3. Daach huet scho ganz frei mat der Charge vum Feier noleeën ugefaangen. Vu-que dass d'Feier déi ganz Nuecht brennen sollt misst vun all Patrull een noleeën goen. Un dësem



# RAPPORT FNEL Brevet| fir EXPLORER (EX)

Moien war et meng Aufgab um 3 Auer opzestoen an nozeleeën. Tatsächlech war et guer net esou schlëmm well ech direkt duerno erëm ageschlof sinn. Géingt 7:30 Auer sinn mir erwächt an hunn zu eiser Iwwerraschung en ganz schéinen Sonnenopgank gesinn. D'Manon war zwar nach ze midd awer ech hunn et genoss. Dunn gouf et eng hefteg Ronn Frühsport an Kaffiskichelcher. No dem Kaffi hunn mir zwou Gruppen gemaach. Déi éischt Grupp huet ugefaangen d'Mëttegiessen ze kachen wärenddeem déi aner Grupp Holz gespalt huet. Duerno gouf gewiesselt, esou dass jiddereen en Kéier alles maachen konnt. Fir d'Mëttegiessen goufen et Süßkartoffeln mat Omlett an Championen. Et huet ganz gutt geschmaacht, mais d'Süßkartoffeln sinn e bëssi verbrannt gewiescht. No dem Spullen hunn mir en Trajet gemaach. Et kann een en och Eeër Trajet nennen, well mir den ganzen Trajet iwwer en Ee droen missten an et net futti goen duerft. Bei all Schëld misst eng Foto mam Ee gemaach gi, mir missten en holzenen Läffel mat engem Friemen tauschen, eng Foto mam Ee an engem Mupp maachen an eng Foto bei engem Panzer mam Ee maachen. Et war ganz flott, well ëmmer zwou Patrullen zesummen gaangen sinn, d'Sonn geschéngt huet an d'Jongen vill komesch Posen mam Ee gemaach hunn. D'Anya an ech hunn probéiert eis Gesangskënscht zum Beschten ze ginn awer déi sinn wuel net esou gutt ukomm. Ech weess awer net op et un eisem Gesang lung oder ob et wéinst den Lidder war, déi e schéinen Ouerewuerm hannerlooss hunn. Villäicht lung et och un deenen zwou Saachen. :) Wie mir zeréck vum Trajet waren, hunn mir gesinn, dass d'Cheffen scho fläisseg um Poulet broden waren. Mir haten nämlech virum Trajet holzen Bengelen agefett fir, dass si do d'Pouleten drop stiechen an si iwwer d'Feier hänken konnten. Déi goufen dann auserneen geholl an mat eng ganz gudder Zalot enger Zooss mat vill Knuewelek an dem Rescht Süßkartoffeln giess. Owes hunn mir dann op enger selwer gebastelter Leinwand en Film gekuckt. Fir fill Léit war den Film naicht also sinn si scho schlofen gaangen. D'Kiara, d'Nora, d'Manon an ech haten och iergendwann keng Loscht méi an sinn an eisen Biwouak geklomm. An dunn war déi keelsten Nuecht vum Camp mat -3 Grad.
**Amélie**

Um Dag 4 Explorerbret sinn mir um 8:00 Auer erëm waakrech ginn an hunn eigentlech gudd geschlof, obwuel et jo Minusgraden an der Nuecht gouf. Moies nodems mir eis beim Féier getraff hunn gouf als eicht emol Frühsport gemach. Dono missten mir alles ofrichten, dat heescht eis Biwouaken, d'Naturbiwouaken, alles raumen an bannen an der Hütt Jitz alles botzen. Dunn hunn mir eisen Brunch preparéiert: Mir hunn Speck gebroden, Omlette mat Champignons gemach, rout Bounen an enger Tomatenzoß waarm gemach an eng Zalot preparéiert. Als Jiddereen gies huet gouf, gespullt an all Patrullenkëschten goufen geraumt. Mir hunn och op der Campplaaz den ganzen Knascht opgesammelt. Als alles gemaach war konnten mir eis nach e bësschen roderem dem Féier beschäftegen. Mir zum Beispill hunn Games gespillt, mee et gouf och nach vill geschwat an gelaach. Kuerz virundems mir op d'Gare trëppelen missten, kruten mir eisen Diplom, dass mir um Explorerbrevet dobäi gewiescht sinn an mir kruten souguer en Batch. Als den offiziellen Deel eriwwer war gouf et nach eng Chaîne des Adieux an dunn sinn mir vun der Gare vu Woltz och schon erëm heem gefuer. **Kiara**








# An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the PACKAGE

**T-SHIRT & HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**




T-shirt 17€



Knuet 5€




Pullover 30€



Foulard 10€

and many more to . . .

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi.
Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un däin **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **17/06/2023** ... 07/10/2023 ... 25/11/2023 ...







## FNEL - KALENNER

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 06.-07.05.2023 | SG CP Weekend |
| 06.-07.05.2023 | EX Raid |
| 09.05.2023 | BV FunDay |
| 14.05.2023 | MaykaDifference |
| 27.05.-04.06.2023 | PëngschtVakanz |
| 11.06.2023 | RO/TB Beachvolleyball |
| 22.06.2023 | Faackelzuch |
| 30.06.2023 | Nuit des Brevets |
| 08.-09.07.2023 | POW-WOW |
| 18.-20.08.2023 | TB Hunt-it |
| 26.-27.08.2023 | RO K-Weekend |
| 01.-12.08.2023 | JAMBOREE an Korea |
| 15.07.-14.09.2023 | SummerVakanz |
| 09.09.2023 | Ekipp'it |
| 10.09.2023 | Journée des Chefs |
| 16.09.2023 | RENTREE SCOUTE |
| 21.09.2023 | AG |
| 20.-22.10.2023 | JOTA-JOTI |

# ET SCHÉNGT ...


01) wéi wann d'FNEL nom Polaris e flott Photobuch gemaach huet fir all Participant, waat leider Fehler huet
02) dat eist klengt Breeze wuel schon ganz grouss ass, an hat na des Joer wärt JO soen an sech Bestueden
03) dat d'LBB no der Edition'19 de RoverTembo Quiz vun der FNEL am Casino bei den DD gewonnen hätten
04) wéi wann den Misärshaff Enn März séng 30 Joër mat engem flotten Maart um Haff gefeiert haat.
05) dat eis Cheffen och niewt de Scouten gudd eens ginn an öfter no der Versammlung eppes ënnerhuelen
06) dat Photobicher vun gr. Aktivitéiten ëmmer nees flott sinn, virun allem fir zesummen dran ze stöberen
07) wéi wann den Explorer hieren Projet mat der Sammelaktion gudd ukomm wor an vill eran komm ass
08) dat et Cheffen gët, déi na nët wëssen wéi e Kaffi maachen kann, dëst expliziid vum Lynx erklärt kruuten
09) dat d'EX ganz flaisseg woren fir hier Seefenkëscht fir daat Grousst Rennen bei der FNEL färdeg ze kréien
10) wéi wann dës Joër nach 2 Gruppen Events ustoen an mir frou wiiren Ierch do begréissen ze kënnen

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat anscheinend Nimm vun Léit feelen an quasi puer Saiten nët geprint ginn sinn, virwaat och ëmmer
02) wèi wann d'LBB vun hierer sait der zukünfteger Koppel all Guddes an hinnen een schéint Fest wënscht
03) wèi wann mir ganz frou/stolz sinn an deen Nächsten 2024 organiséieren & déi aaner bei eis invitéieren
04) dat dësen gudden Succès haat, an sëch vill Léit op den Wee dorobber gemeet hun trotz dem Wieder
05) dat Sie fir zu 6 eng Plaatz ze fannen, puer mol missen hin & hiir wiesselen bis se een Dësch kruuten ;)
06) dat CH beim Together'14 an Erënnerungen geschwieft sinn, festgestallt hun dat Sie lo aaneschters sinn
07) wèi wann ët zeguer Léit gouf, déi 3 gr.Valisen Kleeder/Spillsaachen komm sinn > MERCI nach 1x
08) wéi wann Erklärungen och korrekt ëmgesaat goufen, de Kaffi trotzdem naischt/ongenéissbar wor
09) dat schon getest ginn wor, puer Schrammen oofkruut, mee lo gepimpt gouf an prett ass fir den Asaatz
10) wéi wann dëst eis klassesch Events: LBB Grill_22.06 an der GroussGaass & d'Léiwefest_01.07.23 wieren

# LBB MEMES







# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Konsbruck-Droulans, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Zimer, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

# AGENDA | Mai-Juli'23

## mai'23

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | |
| Sa | 6 | BV/LX/TV<br>**FNEL CP-WE / EX-Raid** |
| So | 7 | **FNEL CP-WE / EX-Raid** |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | **FNEL BV FunDay** |
| Më | 10 | |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | |
| Sa | 13 | BV/LX/PV<br>**LBB SchaffWeekend ab EX** |
| So | 14 | **LBB SchaffWeekend ab EX** |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | |
| Më | 17 | |
| Do | 18 | |
| Fr | 19 | |
| Sa | 20 | LX/EX<br>**BV + SG Sortie** |
| So | 21 | |
| Me | 22 | |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | |
| Do | 25 | COMITE |
| Fr | 26 | |
| Sa | 27 | **PëngschtCamp ab LX** |
| So | 28 | **PëngschtCamp ab LX** |
| Me | 29 | **PëngschtCamp ab LX** |
| Dë | 30 | |
| Më | 31 | |

## juni'23

| | | |
|---|---|---|
| Do | 1 | |
| Fr | 2 | |
| Sa | 3 | keng Versammlung (Vakanz) |
| So | 4 | |
| Me | 5 | |
| Dë | 6 | |
| Më | 7 | |
| Do | 8 | |
| Fr | 9 | |
| Sa | 10 | BV/LX/PV/EX |
| So | 11 | **FNEL RO/TB BeachVolley** |
| Me | 12 | |
| Dë | 13 | |
| Më | 14 | |
| Do | 15 | COMITE |
| Fr | 16 | |
| Sa | 17 | BV/LX/TV/EX<br>LBB Shop |
| So | 18 | |
| Me | 19 | |
| Dë | 20 | |
| Më | 21 | |
| Do | 22 | **FAACKELZUCH ab LX**<br>**LBB GRILL** |
| Fr | 23 | |
| Sa | 24 | LX/PV/EX<br>**BV Sortie** |
| So | 25 | |
| Me | 26 | |
| Dë | 27 | |
| Më | 28 | |
| Do | 29 | |
| Fr | 30 | **FNEL Nuit des Brevets** |

## juli'23

| | | |
|---|---|---|
| Sa | 1 | **LÉIWEFEST** |
| So | 2 | |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| Sa | 8 | **FNEL POW-WOW**<br>fir SG/EX |
| So | 9 | **FNEL POW-WOW**<br>fir Jiddereen |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | |
| Do | 13 | COMITE m.lessen |
| Fr | 14 | |
| Sa | 15 | |
| So | 16 | |
| Me | 17 | |
| Dë | 18 | |
| Më | 19 | **SuWa** |
| Do | 20 | **SuWa** |
| Fr | 21 | **SuWa** |
| Sa | 22 | **SuWa** |
| So | 23 | **SuWa** |
| Me | 24 | **SuWa** |
| Dë | 25 | **SuWa** |
| Më | 26 | **SuWa** |
| Do | 27 | **SuWa** |
| Fr | 28 | **SuWa** |
| Sa | 29 | **SuWa** |
| So | 30 | |
| Me | 31 | SUMMER-VAKANZ<br>15.07.-14.09.2023 |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

... KaiserrrrrSchmarrrrn ...
Haas de och schon 1x daat Gefill,
deen wor sou lekkaaa an ass sou
gudd komm...Yammmmiiiiii ...



* THATS ALL FOLKS ...